N° 7703
Entrée le 18.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Äntwert vun der Finanzministesch, vum Minister fir bannenzeg Sécherheet a vum Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n° 7703 vum 3. Mäerz 2023 vum Här Deputéierten Roy Reding.

D'Police huet säit Ufank November 2022 Kenntnis iwwert déi an der parlamentarescher Fro ernimmte Phishing-Attacken. Ënnert Leedung vum Parquet huet d'Police Judiciaire eng Enquête laafen.

Déi concernéiert Banken an aner Servicer sinn och iwwert d'Attacken a Kenntnis gesat ginn an hunn intern Schrëtt ënnerholl fir hier Clienten ze warnen an d'Sécherheetsmesuren ze verschäerfen. Identifizéiert Phishing-Säite gi schnellstméiglech analyséiert an et ginn déi néideg Demarche gemaach fir dës vum Netz ze huelen a sou weider Affer ze evitéieren. D'Bevëlkerung ass direkt iwwert de Pressebüro vun der Police via Social Media an och déi geschriwwe Press iwwert dës Phishing-Well informéiert ginn. Dës Warnunge si reegelméisseg widderholl ginn, well d'Attack weiderhin undauert.

POST stellt och fest dass de Phenomen vum Phising hei zu Lëtzebuerg, wéi och weltwäit, zouhëlt. Et ginn ëmmer méi dacks Telefonsnummeren oder URLën "gespooft", dat heescht, et gëtt dem Empfänger fälschlecherweis suggeréiert, dass hien vun där ugewisener Telefonsnummer oder Internetadress kontaktéiert gi wär. Den Hacker, deen an esou Fäll Identifianten usurpéiert ass awer selwer guer net Client bei POST Lëtzebuerg.

Fir deem entgéint ze wierken, an hir Clientë beschtméiglech ze protegéieren, setzt POST Lëtzebuerg zanter Joren op eng automatesch Detektioun vun Attacken déi hire Reseau benotzen oder ugräifen. Déi dofir benotzten Algorithmen, déi op "machine learning" berouen, an ob verschidden Niveauen Zougréffer blockéieren, passen sech stänneg un.

Generell kann ee keng genau Chiffren iwwer den eventuelle Schued oder d'Verloschter, déi duerch Phising-Attacken verursaacht ginn, erstellen, well nëmmen da Zuelen kënnen erhuewe ginn, wann de Konsument d'Initiativ hëllt fir esou Formen vu Bedruch un d'Police oder seng Bank ze mellen.

De Wirtschaftsministère huet scho virun 20 Joer ugefaangen an d'Cybersécherheet ze investéieren. Sou ass Securitymadein.lu, d'Cybersécherheet Agence fir d'Lëtzebuerger Wirtschaft a Gemengen entstanen, grad wéi den Nofollger dovun, d'Luxembourg House of Cybersecurity (LHC) an en ganze Cybersecuritéit Ekosystem huet sech dorëm entwéckelt. Der Erfarung vum LHC no stelle Phishing-Evenementer ongeféier en Drëttel vun den observéierte Cyber-Ugréffer duer.

D'House of Cybersecurity gëtt soubal nei Welle vu Phishing erkannt ginn eng Warnung iwwer déi sozial Netzwierker eraus an och op um nationale Portal www.cybersecurity.lu, grad ewéi a senger Newsletter "Cyber Aware". Um nationale Cybersecuritéit Portal www.cybersecurity.lu fënnt ee vill Informatiounen a Recommandatiounen zum Phishing souwuel fir d'Entreprise wéi fir d'Bierger. Spambee, eng gemeinsam Initiativ vu BEE SECURE, der CNPD an dem National Cybersecurity Competence Center Luxembourg (NC3), erlaabt et verdächteg E-Mailen analyséieren ze loossen, fir festzestellen ob et sech em Spam oder Phishing handelt.

Déi grouss Lëtzebuerger Banke si sech generell iwwer d'Risiken, déi d'Cyberkriminalitéit fir hir Clienten duerstellt, bewosst. Zënter Joren hu si Sensibiliséierung-Campagnen individuell awer och an Zesummenaarbecht mat der Bankenassociatioun ABBL ëmgesat. Dëst virun allem och am Kader vu Campagnen vun Autoritéiten wéi EUROPOL. Iwwert déi leschte Joren huet d'ABBL och zesumme mat hire

Memberen hir Sensibiliséierungs- a Präventiounsefforten an Zesummenaarbecht mat de nationalen Cybersecurity-Akteuren weidergefouert.

D'Moyene fir dës Attacken ze bekämpfen ginn och am Cybersecurity-Aarbechtsgrupp vun der ABBL diskutéiert, zu där déi grouss lokal Banken gehéieren, mä och Luxtrust. Am Kader vun dësem Forum ginn *best practices* ausgetauscht.

D'ABBL gouf och am Februar 2023 vun hiren Membren mandatéiert d'Efforte vun der Bankeplaz an dësem Beräich an Zesummenaarbecht mat allen lokalen Akteuren inklusiv dem House of Cybersecurity ze koordinéieren. Eng éischt Reunioun huet zu der Schafung vun enger engagéierter Task Force gefouert, déi op folgenden Niveauen agéieren soll:

• Nei Zorte vu Phishing z'identifizéieren;

• Taktesch Aktiounen fir Phishing Attacken ze ënnerbannen;

• Strukturell Aktiounen (Formatioun, Sensibiliséierungscampagne, Tester, Infrastrukturverbesserung, Leeschtungsindikatoren, Kommunikatioun)

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2023

D' Finanzministesch

(s.) Yuriko Backes